Journées du livre et du droit d'auteur

22.-25. Abrëll 2025

Grouss a kleng Helden

Eng Propositioun vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

Ëm wat geet et?

Jidderee vun eis kennt en Held oder eng heldenhaft Geschicht. Mee wat mécht eigentlech en Held aus? Brauch ee Superkräften, fir en Held ze sinn oder ginn eng Mask respektiv en anere Superobjet duer? Vläicht ass et schonn heldenhaft, wann ee sech selwer iwwerwënnt, fir eppes ze leeschten, aneren ze hëllefen, se ze retten ... Oder muss een d'ganz Welt retten, fir en Held ze sinn?

Bei Helden denkt ee meescht u spektakulär Handlungen, wéi Liewe retten oder extra Fäegkeeten hunn. Jidderee kennt historesch Helden, déi sech fir anerer agesat hunn.

An der Literatur sti grouss Helden dacks am Mëttelpunkt vu laange Geschichten, an deenen et ëm aussergewéinleche Courage geet. Dëst sinn d'Virleefer vun de moderne Superheldegeschichten, déi Personnagë weisen, déi ganz extra Fäegkeeten hunn, méi séier, staark, intelligent etc., sinn an doduerch d'Welt retten.

Heldinnen an Helden gouf et ëmmer schonn : Leit, déi sech fir anerer agesat hunn, fir hir Iddien an Iwwerzeegungen ze verdeedegen, deels och ënner Risiko vun negative Konsequenzen (Fräiheet, Gesondheet, Ausgrenzung...). Verschiddener gi grouss gefeiert, anerer sinn an de Vergiess geroden.

Dat gëllt och am Alldag, wann een sech z. B. géint Mobbing, Gewalt, Ausgrenzung oder fir méi Schwaacher a fir Gerechtegkeet asetzt. Och Kanner kënne ganz kloer schonn Helde sinn, am Alldag oder an der grousser Geschicht.

Et ginn esouguer Déieren, déi eigentlech Helde sinn : Hënn sinn do extra bekannt, mee och aner Déieren hu scho Mënsche gerett. Da ginn et och Déieren, déi ganz extra Fäegkeeten hunn a quasi Superdéiere sinn. A wéi eng Déiere sinn an der Kannerliteratur eigentlech ëmmer d'Helden? Kann een dat net emol änneren?

Wat definéiert schlussendlech en Held, eng Heldin? Ass en Held automatesch e Virbild? Gëtt eppes direkt als heldenhaft erkannt? Ass een och en Held, wa soss kee weess, wat ee Grousses geleescht huet? Ka jiddereen en Held oder eng Heldin ginn? Sinn offiziell Helde wierklech ëmmer Helden?

Et ginn deemno vill verschidde Forme vun Heldentum an et ass interessant, d'Bild vun engem Held ze iwwerdenken.

D'Kannerliteratur bitt dozou eng Hellewull un Ureegungen, sief et an Erzielungen oder a Sachbicher.

Wat ka gemaach ginn?

Op der Säit vum SCRIPT http://www.script.lu fannt Dir eng Bibliographie mat e puer aktuelle Kannerbicher, déi d'Theema vum Heldentum aus verschiddene Perspektive behandelt. Et ass e klenge Choix; an de Schoulbibliothéike sti bestëmmt vill aner Bicher zu alle/zu weidere Facettë vum Theema.

Zum Motto vun 2025 bidde sech villerlee Aktivitéiten un, wéi z. B.:

- Bicher oder Geschichten zu verschiddenen Aspekter vum Theema liesen oder virliesen
- Mat de klenge Kanner Billerbicher vu klengen oder groussen Heldendote matenee kucken a beschwätzen, wat an der Handlung als heldenhaft kann ugesi ginn
- Mat Kanner(Sach)bicher iwwer Déiere mat besonnesche Fäegkeete kucken
- Geschicht liesen, an deenen en Déier den Held ass
- Mat Kanner Biografie vun historeschen Helden liesen
- Kanner- oder Sachbicher zu Helden aus der Geschicht z. B. Resistenz (2. Weltkrich) oder an der aktueller Gesellschaft (Aktivisten) notzen
- Fantasiegeschichte schreiwen, en Held erfannen a seng Heldendote beschreiwen
- Superheldegeschichte liesen
- Bicher liesen a beschwätzen, an deene verschidde Beruffer virgestallt ginn, déi am Déngscht vun der Gesellschaft stinn
- Sech iwwert Persounen, déi sech fir anerer asetzen (fréier an haut), informéieren
- D'Kanner verschidden Attributer vun engem Held an ënnerschiddlech Aspekter vun enger Heldendot beschreiwe loossen
- Sachbicher notzen fir z.B. iwwer Courage an Engagement ze schwätzen
- Biller- a Kannerbicher iwwer spektakulär Handlunge liesen a beschwätzen
- Mat (Sach)bicher de Kanner hir Roll an der Gesellschaft bewosst maachen; iwwer Empathie a Respekt schwätzen

Et kann een zu dësen Aspekter:

- Geschichte liesen a virliesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen (Audiodatei, Textdokument oder Multimediadokument, Video, StopMotion, ...)
- Geschichten an neier Form erzielen (www.babbelix.lu, Poppentheater, Kamishibai, Sketch, ...)
- Eng Geschicht als Liestheater ëmschreiwen an/oder opféieren (Video)
- Eng nei Geschicht erfannen, opschreiwen an illustréieren (Textdokument oder Multimediadokument)
- Eng Geschicht (no)erzielen

    - den neien Outil Babbelix (www.babbelix.lu) duerfir notzen
    - z.B. eng Geschicht mat Figuren/Objeten aus engem Schongkarton duerstellen (Book in a box)
      https://www.edumedia.lu/lesson/book-in-a-box/
- En Trailer zu engem Buch maachen (Booktrailer) (eventuell fir en C4)
  https://www.edumedia.lu/lesson/booktrailer-spannender-kann-lesen-nicht-sein/
- Eege Geschichte molen, schreiwen oder Fantasiegeschichten erfannen

Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul.

D'Responsabel aus der Schoulbibliothéik sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.

Umeldung (iwwert de Schoulbibliothecaire): mam Onlineformulaire bis den 10. Mäerz 2025

http://www.edulink.lu/qgfj

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 19. Mee 2024 erageschéckt ginn.

Flott wier et, eng kleng schréftlech Beschreiwung vun den Aktivitéite mat e puer Fotoen an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualitéit) ze kréien. Passt och wgl. op, datt keng Kanner op de Fotoen ze erkenne sinn. Schéckt d'Dokumentatioun wgl. per Mail un: anne-marie.antony@men.lu / anne.biesdorf@men.lu .

D'Ekipp vum SCRIPT wënscht Iech an Äre Schülerinnen a Schüler vill Freed bei den Aktivitéiten a seet elo scho Merci fir d'Matmaachen.